Association des chargés de l'enseignement national a.s.b.l.

*Pressecommuniqué*

# Mat an ouni Fonctionnarisatioun « gaga » !

Säit Joren erklären d'Vertrieder vu sämtleche politesche Parteien eis, dass eis Fuerderunge vollkomme berechtegt sinn. D'politesch Realitéit gesäit da leider awer komplett anescht aus. Déi aktuell Regierung huet et leider verpasst e gerechte Recrutementssystem mat fairen Aarbechtskonditiounen ze schafen.

D'ACEN hëlt d'Politik awer elo endgülteg an d'Flicht an erwaart vun der nächster Regierung, dass déi diskriminéierend Aarbechtskonditioune prioritär ugepasst ginn. D'ACEN huet dofir och de juristesche Wee preparéiert. Sollt et wierklech néideg ginn, dass mir trotz kohärenter Argumentatioun mussen de juristesche Wee goen, da wäert dëse begleet gi mat gewerkschaftlechen Aktiounen.

D'Faass ass voll. Et ass elo un der Zäit, dass d'Politik Léisunge liwwert. Eis Membere wäerte keng weider Joren de Schoulbetrib um Lafen hale mat iwwerdimensionéierten Tâchen a politesch akzeptéierter Ausbeutung.

## Fonctionnarisatioun als grousse „Kaddo"

D'Fonctionnarisatioun ass an der aktueller Form net akzeptabel. Dës diskriminatoresch Prozedur muss dringend geännert ginn. Mir wäerten net akzeptéieren, datt eis Membere weider Affer vun engem onausgeräiften an onfairen Exame sinn. Et gëtt kloer vergiess, datt et sech hei just ëm eng Ännerung vum Statut handelt an net ëm d'Erléiere vun engem Beruff.

D'Fonctionnarisatioun bréngt kee Changement vun der Funktioun beim Staat. Eis Membere bleiwen Enseignanten! Dofir ass déi gesamt Prozedur sou net akzeptabel, baséiert awer – alt erëm – op der Reform vun der Fonction Publique vun 2015, géint déi d'ACEN bekanntlech manifestéiert huet.

D'ACEN kann dës Form vu Fonctionnarisatioun net novollzéien, an ass och enttäuscht, dass no ville Gespréicher an och ville Warnungen am Fréisummer 2022 de Ministère och am zweete Versuch verpasst huet eng fair a propper Léisung ze fannen. D'ACEN verlaangt eng automatesch Fonctionnarisatioun. Eng Valorisatioun vun den Déngschtjoren muss am Mëttelpunkt stoen, an net eng Prozedur, déi d'Leit deels humiliéiert.

## Gläich Aarbecht = gläich Aarbechtskonditiounen !

Virun allem ass eng theoretesch méiglech Fonctionnarisatioun awer ëmmer nach kee Recht dorobber d'Employéen an de Schoulen weider auszebeuten! Vill Kolleeginnen a Kolleege kënnen dës Examen eben net maachen.

Dat heescht dann awer net, dass d'Employéen an eise Schoulen net trotzdeem e Recht hunn uerdentlech behandelt ze ginn! **Gläich Aarbecht heescht gläich Aarbechtskonditiounen.** Dat seet europäescht Gesetz, an dat gëtt soss och am Staatsdéngscht esou praktizéiert, just – mol erëm (!) – net an eise Schoulen.

D'ACEN huet den zoustännege Ministeren déi schockéierend Rechnung gemaach. E Chargé am Secondaire huet duerch déi feelend Altersdechargen a Coeffizenten um Enn vu senger Karriär **iwwert 8 Schouljoren (!) méi u Coursë gehalen**, ewéi de Fonctionnaire. Dat sinn also 8 Joer gratis schaffen! An och an der Erwuessenebildung an an der Grondschoul mussen d'Chargéen ouni korrekt Altersdechargen etlech Stonne méi schaffen ewéi de Fonctionnaire.

Wärend d'Politik iwwert eng sënnvoll Senkung vun der Aarbechtsstonne pro Woch diskutéiert, mussen am Enseignement d'Employéen ouni logesch Begrënnung iwwert 1/4 méi Coursen halen ewéi d'Fonctionnairen, an dat bei – angeblech dach – manner gudder Qualifikatioun! Dat ass eng systematesch Ausbeutung, an dat och nach duerch de Staat selwer!

All 5. Woch schafft de Chargé esou eng Woch gratis am Verglach zum Fonctionnaire! D'Chargéen hunn de selwechte Studium ewéi de Fonctionnaire, ginn de Staat awer natierlech duerch déi iwwerdimensionéiert Tâche vill méi bëlleg.

Wien dëse System weider toleréiert, den muss wierklech „gaga" sinn. D'ACEN hält d'Politik awer elo an d'Flicht a mir erwaarden, dass endlech Léisungen ugebuede ginn! Och am Enseignement muss sech endlech un europäesch a lëtzebuergesch Rechter gehale ginn!

De Comité vun der ACEN

**BP 116 L-7202 Bereldange** **info@acen.lu** **www.acen.lu**